ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. Mee 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

An der Lescht héiert een ëmmer méi Reklamatiounen iwwert d'Zertifikatioun vun de Sproochekenntnesser duerch den INL. Leit, déi Zertifikater bis zu engem B1 an der Lëtzebuerger Sprooch kruten, presentéiere sech fir Virstellungsgespréicher, wou sech dann erausstellt, datt si keen eenzege Saz Lëtzebuergesch kënne schwätzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Educatiounsminister gär déi folgend Froe stellen:

1. Wéi beurteelt d'Regierung d'Seriositéit vum Unterrecht um INL?
2. Wéi beurteelt d'Regierung d'Zouverlässegkeet vun den Zertifikatiounen, déi vum INL ausgestallt ginn?
3. Anscheinend gëtt um INL e grousst Gewiicht op „spillerescht" Léiere geluecht. Hält d'Regierung et fir ubruecht, nees méi Wäert op eng systematesch Vermëttlung vun der Sprooch ze leeën, inklusiv vun der Grammatik?
4. Wann déi Zertifikater vum INL keen zouverlässegt Bild vum Sproochenniveau méi bidde kënnen, missten dann net och d'Sproochenexame fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien op eng aner Manéier organiséiert a kontrolléiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten